

Dispositioun féieren, frou, dass mer hei kënnen e Konsens fannen, dass mer all zesumme kënnen de richteg Message do no baussen droen.

Hei an der Chamber wollt ech awer particulièrement menger Matstreiderin an dësem Dossier, dem Nancy Kemp-Arendt, Merci soe fir hiren onermiddlechen Asaz fir dës Cause. Ech weess, wéi wichteg et fir si ass, an ech sinn immens dankbar, dass och si sech ëmmer do derfir asetzt, dass mer hei e bessere Kader, e bessere Schutz schafen.

An dann, last but not least, léiwen Här President a Rapporteur vum Dag a vun der Woch, merci och dir, éischters fir de Rapport vun haut, mee awer och – well dat war jo elo de leschte Rapport – fir dës Legislaturperiod, deem s de gemaach hues, fir deng Aart a Weis, wéi s de déi Chamberskommissioun iwwert déi lescht fënnf Joer geleet hues, als Netjurist heiansdo en Defi, mee heiansdo vläicht och en Avantage. An duerfir merci dir fir dāi groussen Asaz fir d'Cause an natierlech och fir dësen Dossier, vun deem ech weess, dass en dir och extreem um Härz läit. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen der Madamm Justizministersch Sam Tanson Merci. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7949. Den Text steet am Document parlementaire 7949⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7949 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm an 3 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7949 est adopté par 56 voix pour et 3 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 6539A – Projet de loi relative à la préservation des entreprises et portant modernisation du droit de la faillite, modifiant :

1^o le livre III du Code de commerce ;

2^o le livre II, titre IX, chapitre II, section Ière du Code pénal ;

3^o les articles 257 et 555 du Nouveau Code de procédure civile ;

4^o la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;

5^o la loi uniforme modifiée sur les lettres de change et billets à ordre, telle qu'elle a été introduite dans la législation nationale par la loi du 8 janvier 1962 ;

6^o la loi modifiée du 7 juillet 1971 portant, en matière répressive et administrative, institution d'experts, de traducteurs et d'interprètes, de conciliateurs d'entreprise et mandataires de justice assermentés et complétant les dispositions légales relatives à l'assermentation des experts, traducteurs et interprètes ;

7^o la loi modifiée du 23 juillet 1991 ayant pour objet de réglementer les activités de sous-traitance ;

8^o la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;

9^o la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;

10^o la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière

Als nächste Punkt kennt de Projet de loi 6539A iwwert d'Moderniséierung vum Faillitegesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Guy Arendt (DP), rapporteur | Merci, Här President. De Kolleg Charles Margue sot de Moie bei der Presentatioun vun engem Projet de loi, e géif sech méi jonk spieren. Abee, Charel, ech muss soen, ech spiere mech eng 40 Joer méi jonk, well wéi ech 1980 op de Barreau koum, war ech bei enger Konferenz derbäi, wou en eminente Jurist eng kleng Konferenz iwwert d'Faillitegesetz gehalen huet a wou en dunn ofgeschloss a gesot huet: „D'Moral vun der Geschicht: D'Faillitegesetz muss geännert ginn.“ Abee, haut si mer sou wäit, méi wéi 40 Joer duerno. Voilà, an et war och keng einfach Saach.

Bon, wéi gesot, loosse mer awer elo zum Projet de loi kommen: De Sujet Faillite, wéi gesot, ass an de leschte Méint a Wochen nees zu engem méi aktuellen Thema ginn. Mir brauchen dofir nëmmen d'Zeitungen opzemaachen, fir feststellen, dass vill Faillitten an de leschte Woche verëffentlecht gi sinn. D'Grënn si villfälteg a vu Faillite zu Faillite verschidden. Et gëtt net eng eenzeg richteg Äntwert. All Faillite bréngt hir eege Komplexitéit mat sech an all Faillite ass anescht. Et gëtt ganz vill kleng Entreprisë mat weënige Salariéen, mee awer och grouss Entreprises, vläicht manner un der Zuel, mee wou méi Salariéen ugestallt sinn, déi duerch eng potenziell Faillite impaktéiert ginn.

An deem Sënn brauche mer och e flexibel Gesetz an eent, dat sech de Gegebenheete vun der jeeweileger Situatioun kann upassen an dat et erlaabt, dem

Commerçant oder dem Betrib a senger Situatioun ze hëllefen.

Eist aktuell Gesetz ass en alen Text, deem deelweis op d'19. Joerhonnert zrëckgeet. Iwwert déi lescht Joren ass versicht ginn, ëmmer erëm Léisungsusätz auszeschaffen, an et goufen Initiative geholl, fir punktuell Upassunge virzehuelen an deem Sënn fir d'Preventioun vun de Faillitten, respektiv fir géint organiséiert Faillite virzegoen.

Den 1. Februar 2013 – et sinn also elo 10 Joer – gouf de Projet de loi 6539 bei der Chamber deposéiert. Zënterhier ass den Text vill geännert ginn, well mëttlerweil och Direktiven hu misse mat integréiert ginn. Den 22. Juli 2021 ass den Originalprojet an zwee gespléckt ginn. De PL, also de Projet de loi, 6539B, deem d'Procédure de dissolution administrative sans liquidation organiséiert huet, ass mëttlerweil Gesetz.

Mam Gesetzesprojet 6539A stëmme mir haut en neien Text iwwert d'Faillitten, deem et erlabe soll, Faillitten an enger éischter Phas sou gutt et geet ze verhënnern oder awer integral duerch eng adequat Betreuung ze begleeten, fir esou déi beschtméiglech Léisunge fir souwuel d'Creancier an d'Debiteuren auszeschaffen.

Dësen neien Text huet véier grouss Achsen. Ech wäert net op all einzelnen Artikel agoen, Dir fannt wéi ëmmer all Detailer, Commentairen an Avisen am schrëftleche Rapport. Trotzdeem wäert ech op d'Haaptaspekter agoen an déi och kuerz developpéieren.

De Projet de loi 6539A verfollegt, wéi gesot, verschidden Approchen an huet véier grouss Voleten: de Volet Preventioun, de Volet Reparatioun, e repressive Volet, also e repressiven Deel, a véiertens e soziale Volet.

Zum éischte Volet, der Preventioun: D'Preventioun ass en immens wichtige Volet. Eng Faillite propper ofzewëckelen, ass sécher eng gutt Saach, et net zu enger Faillite kommen ze loosse, ass den Optimalfall. Mam Volet préventif vun dësem neien Text siche mer, ze vermeiden, dass et automatesch zu enger Faillite an engem Betrib muss kommen, just well d'Entreprise a Schwierigkeete stécht. Sécher gëtt et an der aktueller Legislatioun scho Moyenen, mee déi sinn deels immens schwéierfällg, deels kaschte se ëmmer nach weidert Geld, soudatt nëmmen déi Betriber op si kënnen zrëckgräfen, déi finanziell nach genuch Sputt hunn, fir sech kënnen hëllefen ze loosse. Dass net all Betrib op dës Mëttele kann oder wëllt zrëckgräfen, ass an deem Fall verständlech.

Mat deenen neien Dispositiounen sollen d'Betriber kënnen vermeiden, an eng Faillite ze falen. Et gëtt also e System agefouert, deem dës al Mesüre soll ersetzen. Elo soll scho vidrun, éier et ze spéit ass, eng Zort Alarmmechanismus, de sougenannte „système de clignotants“, wéi en am Text genannt gëtt, agefouert ginn. Deen hëlleft, d'Entreprises, déi an der Nout sinn, scho wäit am Virus kënnen ze identifizéieren.

Fir dës Betriber ze identifizéieren, gesäit den Text zwee Weeër vir: Zum een setzt den Text op déi fräiwëlleg Approche. De Commerçant oder d'Entreprise kréien eng ganz Rei Outilen zur Verfügung gestallt a sollen och incitéiert ginn, dës Mesures de soutien fréi genuch an Usproch ze huelen. Da spillt awer och de Wirtschaftsministère eng wichteg Roll. De Ministère soll Entreprises, déi Schwierigkeeten hunn oder déi de Risiko lafen, an eng Faillite ze rutschen, kënnen identifizéieren, se opklären a beroden, wéi eng Mesüre kéinte geholl ginn, fir eeben eng Faillite ze vermeiden.

Oft ginn haut d'Prozeduren vun der Gestion contrôlée vum Commerçant vill ze spéit ugefrot, an zwar zu

engem Moment, wou d'Situatioun schonn immens verfuert ass an net méi vill ka gemaach ginn. Deemno féiert déi aktuell Gestion contrôlée nëmme sielen zu enger Reorganisatioun vum Betrib. An deem Sënn gëtt mat deem neien Text d'Cellule d'évaluation des entreprises en difficultés geschaf, déi ënner anerem den Optrag huet, eng Assignation en faillite ze appreciëieren. D'Commerçantë kënnen och scho fréizäiteg de Kontakt sichen, wa si mierken, dass Problemer bestinn, fir sech dann aus där Situatioun eraus hëllefen ze loosse.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, komme mer zum zweete Volet vum dësem Text, dem Volet réparateur. Dëse Volet baséiert op der Iddi vum enger zweeter Chance. Commerçantë, déi aus enger onglécklecher Situatioun eraus oder well si en éierleche Feeler gemaach hunn, an eng Faillite gefall sinn, sollen d'Geleeënheet kréien op eng zweet Chance an d'Recht op en neien Ufank. Deemno soll et och esou sinn, dass Einzelpersonen, also Personnes physiques, déi Commerçant sinn, no der Clôture vum hirer Faillite net méi onbedéngt Debiteur vum Passif vum der Faillite solle sinn.

Am Kader vum der Prozedur vum enger Réorganisation judiciaire kann de Commerçant selwer e Conciliateur vorschloen. Dëse kann awer och vum Wirtschaftsministère oder dem Ministère fir kleng a mëttelstännesch Betriber bestëmmt ginn. Dëse Conciliateur d'entreprise ass dann zoustänneg fir d'Reorganisatioun vum allen oder enger Partie vum den Aktiven an den Aktivitéiten, dëst am oder ausserhalb vum Kader vum der Réorganisation judiciaire.

D'Zilsetzung ass an dëse Fäll dann entweder en Accord à l'amiable, also eng Eenegung am Gudden, oder awer en Accord tëschent dem Debiteur an de Creancierë iwwer e Plan fir d'Reorganisatioun.

Nieft engem Conciliateur gëtt am Fall vum enger Faillite natierlech, wéi och elo schonn, e Curateur vum Gericht genannt, deen de Suivi vum der Faillite an déi néideg Demarchen ënnerhëlt, bis hin zur Clôture vum Dossier.

Als drëtten Volet gesäit deen neien Text e Volet répressif vir. Wat ass elo heimadder gemengt? Et soll an Zukunft méi schwéier gemaach gi fir Acteuren, déi net aus engem Feeler eraus, mee aus puer Absicht a Berechnung, aus bewosstem Risikoverhalen oder souguer illegaler Aktivitéit, hire Commerce an d'Faillite gedriwwen hunn.

Wou Commerçantë, déi tatsächlech Pech haten oder déi eventuell onbeabsichtigt Feeler gemaach hunn, an Zukunft besser am Virfeld ënnerstëtzt an no enger Faillite gehollef solle kréien, do sollen déi Commerçantë, déi a vollem Bewosstsäin eng Faillite riskéieren, méi haart bestrooft ginn. Et soll och vermidde ginn, dass si vum System profitéiere kënnen a beispillsweis hire Commerce einfach esou fale loosse, fir da kuerz duerno erëm en neien op d'Been ze stellen an do esou virunzefueren, wéi si mat dem viregten opgehalen hunn.

Et ass net ëmmer evident, den Ënnerschied ze maachen tëschent engem Betrib, dee leider an eng Faillite gefall ass, an engem, deen dës mat voller Absicht selwer erbäigefouert huet. Dofir sollen d'Failliten och dekriminaliséiert ginn. Doduerch gi stroferechtlech Poursuitten – de Fall gesat – méi einfach gemaach, ouni systematesch op eng Instruktioun vum Untersuchungsriichter mussen zrëckzegräifen. Dës Prozedur si laangwiereg a schwéierfällg – also déi mat der Instruktioun mam Untersuchungsriichter. Mat den neie Prozedur kënnen déi zoustänneg Autoritéiten elo méi schnell a méi effikass poursuivéieren. Dëst gesot, gëtt d'Faillite an deem Kontext als en Delit am neien Text festgehalen.

Finalement, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, sief nach gesot, dass de véierte Volet manner prozedural ass, mee méi eng Saach vum der Zilsetzung vum dësem neien Text. De véierten ass de soziale Volet. Wat ass domadder gemengt? Ma déi ganz Mesüeren, an zwar d'Cellule d'évaluation des entreprises en difficultés, de Conciliateur, d'Reorganisation judiciaire, awer och de repressiven Deel, sollen hëllefen, d'Aktivitéit an domat och d'Aarbechtsplazen an de Betriber ze preservéieren. Gläichzäiteg kënnen esou och déi Käschten evitéiert ginn, déi eng Faillite fir de Staat mat sech bréngt.

Zu den Avisen, déi an dësem Fall gemaach gi sinn: De Staatsrot hat scho virun der Scissiou vum Projet de loi eng Koppel Avisen eragereecht. a vu dass de Projet duerno awer opgespléckt ginn ass, géif ech mech an dësem Deel op d'Avisen aus dem zweeten an drëtten Avis complémentaire fokusséieren.

Eng Fro, déi de Staatsrot sech gestallt huet, déi ënner anerem och de Barreau opgeworf hat, war iwwert d'Relatioun an d'Zesummenaarbecht tëschent dem Conciliateur d'entreprise, dee vum engem Member vum der Regierung, soi-disant vum dem zoustänneg Ministère genannt gëtt, an dem Mandataire de justice, deen duerch d'Gericht nominéiert gëtt. Hei war d'Fro, dass d'Interaktioun tëschent béide Parteie sollt am Text e Stéck méi wäit prezisiéiert ginn.

Weider Prezisiounen hu si sech och gewünscht bei der Lëscht vum de Creancierë, de sougenannte „créanciers sursitaires“. Do sollt méi kloer festgehale ginn, wien a wat fir Donnéeën an esou engem Dossier kënne consultéiert ginn.

Eng Prezisioun sollt awer erausgeholl ginn. Am Kontext vum enger kompletter oder partieller Remise vum der Schold war een Ament virgesinn, dass d'Gericht eng Remise kéint refuséieren, wann – an dat hei zu der Prezisioun – e reelle Broch am Equiliber tëschent de Rechter vum Debiteur an deene vum de Creancierë gi wär. Hei hat de Staatsrot d'Remark gemaach, dass esou e Motiv net virgesi wär an et och net ganz kloer wier. Doropshi gouf dësen Deel och aus dem Text gestrach.

De Barreau hat sech dann d'Fro gestallt, wiesou net och d'Sociétés en commandite spéciale duerch dësen Text an der Lëscht vum den Debitore couvriert wieren. De Staatsrot hat notament eng änlech Fro zu de Sociétés en commandite simple opgeworf. De Barreau gesäit dann och eng aner, manner grouss Opportunitéit an der geplanter Phase administrative, fir d'Betriber, déi a Schwierigkeete stiechen, ze identifizéieren, an en huet d'Iwwerleeung, dass dat och hätt kënnen duerch reegelméisseg Kontakter, eng gutt Kommunikatioun an eng organiséiert Koordinatioun couvriert ginn.

Änlech wéi de Staatsrot gesäit de Barreau och bei deenen eenzelne Mesüeren a Persounen, déi bei enger Reorganisatioun oder enger Faillite sollen asprangen, dass potenziell Konfusioun kéint entstoen, eeben duerch déi verschiddentlech Nomenclature vum deenen eenzelne Leit, an och, well Elementer, wéi beispillsweis d'Honorairen, net bis an den Detail définéiert gi wäeren.

D'Chambre des Métiers bedauert op hirer Säit, dass d'Pouvoir vum der Cellule d'évaluation des entreprises en difficultés net exakt prezisiéiert sinn a fënnt och, dass een der Cellule hätt kënne méi Pouvoiren a méi Moyene ginn, fir se net just op d'Ofstëmmung vum enger Faillite ze limitéieren. Allgemeng wier d'Prozedur och relativ schwéierfällg an d'Exigence, déi besonnesch och un déi ganz kleng, kleng a mëttelstännesch Betriber gestallt géifen, wieren net a Relatioun mat der Realitéit um Terrain a mat deem,

wat fir si och machbar wier. An deem Sënn hätte si sech dann och eng gratis Assistenz gewünscht, fir notament d'Betriber an d'Commerçantë ze betriegen.

Da koom nach een Avis ganz spéit era vum der Association luxembourgeoise des mandataires de justice. Déi hat eng änlech Remark gemaach. Och si huet fonnt, dass dee villen administrativen Opwand kéint en negativen Impakt op d'Betriber an d'Ekonomie hunn, dass d'Prozedur ze komplex wier a sech nëmme schwéier um Terrain kéint ëmsetze loosse.

Finalement den Avis vum der Chambre de Commerce. Si gesäit den Text als eng Verstärkung vum Faillitegesetz, besonnesch am Kader vum der Responsabilitéit vum den Dirigeantë vum de Betriber. D'Sécurité juridique géif gestärkt ginn, ganz besonnesch och wier elo eng Ënnerscheidung méiglech tëschent éierlechen an onéierlechen Dirigeanten, also deenen, déi duerch Feeler an der Gestiou an hirem Betrib a Problemer falen, an deenen, déi manifestement mat voller Absicht sech net un d'Reegele géifen halen a wou da Feeler passéieren.

Och de Prinzip vum der zweeter Chance gëtt vum der Chambre de Commerce begréisst. Hei hätt sech d'Chambre de Commerce gefreet, wann dës Dispositiounen ausserhalb vum de Personnes physiques och aner Dirigeantë géifen integréieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem neien Text bréinge mir eng Rei gutt Mesüeren op de Wee, déi hëllefe kënnen, eis Betriber an de Commerce à long terme ze schützen an ze preservéieren. D'Risiko kënne schonn am Virfeld identifizéiert an analyséiert ginn an hinne ka cibléiert entgéintgewierkt ginn.

Duerch eng gutt Zesummenaarbecht tëschent de Commerçantë an den zoustänneg Ministère kënne mir esou d'Commerçantë schützen an derfir suergen, dass eis Betriber op staarke Bee stinn an och d'Aarbechtsplazen domat zukunftssécher sinn. Als DP ënnerstëtze mir dësen Usaz, deen de Commerçantë an den Employeure méi eng grouss Sécherheet bitt fir elo a fir d'Zukunft. Dëst gesot, verweisen ech nach eemol op de schrëftleche Rapport fir all Detailer a ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Erlaabt mer allerdéngs nach e puer Schlussremarken, an zwar e puer Mercien: D'Souskommissioun Faillite ass elo zu Enn. Si huet hir Missioun erfëllt an ech géif do de Memberen, a virop och dem Léon Gloden, e grouse Merci soe fir déi gutt a flott Zesummenaarbecht, déi mer haten. Dann natierlech awer och de Mataarbechter am Ministère, dem Daniel Ruppert, dem Pascale Millim an dem Anne Klees. Si hunn och eng super, super Aarbecht geleescht, grad wéi de Christophe Li als Sekretär, a bei eis an der Fraktioun de Loris Meyer an d'Christine Fixmer. A selbstverständlech wëll ech awer och de Conseil d'État net vergiessen, deen hat och net ëmmer eng einfach Tàche.

Nach eng Kéier villmools merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Guy Arendt.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Och vu menger Säit e ganz décke Merci dem Rapporteur, dem Guy Arendt, net nëmme fir de schrëftlechen a mëndlechen Rapport, mee och fir déi gutt Féierung vum där Souskommissioun, an och e Merci all deenen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn.

Här President, mir hu virun enger gudder Woch kënnen an der Press liesen, datt d'Faillitten an d'Luucht ginn. 560 Entreprisë sinn dat éischt Semester dëst Joer faillite gaangen, datt sinn 10 % méi wéi am Semester virdrun. Dofir ass et wichteg, datt mer haut e Gesetz stëmmen, wat am Fong e Paradigmewiessel bréngt. D'Originne vun dësem Gesetz waren an der Deklaratioun vun der Regierung vun 2009, a meng Kolleegein Octavie Modert huet den Text, wann ech dat richteg nogekuckt hunn, den 1. Februar 2013, deemools als Justizministesch, deponéiert (veuillez lire: a mäi Kolleeg François Biltgen huet den Text [...] deemools als Justizminister deponéiert).

Ech schwätze vun engem Paradigmewiessel, well mer am Fong haut mat dësem Gesetz nom Motto fueren „agir“ amplaz „réagir“. Mir wëllen, datt d'Leit do-bausse sech trauen, e Betrib opzemaachen. A wann een e Betrib en faillite huet, dann ass et natierlech och ëmmer erëm e perséinlechen Echech. An d'Iddi, déi hannert dësem Projet de loi steet, ass e bëssen d'Iddi vum Chapter 11 – d'Spezialisten en matière de droit de faillite wëssen, vu wat ech schwätzen.

De Guy Arendt huet et gesot: Duerch dëse Projet de loi gëtt eebe probéiert, éier d'Kand am Pëtzt läit, wann ech dat esou dierf ausdrécken, dem Betrib, dem Commerçant ze hëllefen. Jiddwereen huet am Liewen en Droit à l'erreur an et huet ee vläicht eng gutt Iddi, mee vläicht ass d'Iddi ze fréi fir e Marché oder d'Iddi ass gutt fir de Marché an déi Persoun, déi d'Iddi entwéckelt huet, ass net richteg gutt als Commerçant. Dat wëllt awer net heeschen, datt e keng zweet Chance kritt.

Als jonken Affekot hunn ech e puer Faillite gemaach. Meng éischt Faillite war e Kamellebuttek, ech hunn do missen Tonnen Haribo-Kamellen un de Mann bréngen. Dat war eng flott Erfahrung. Ech hunn der och e puer selwer herno dierfen iessen.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Klein Leo.

M. Léon Gloden (CSV) | Jo, aber nicht dick Leo.

(Hilarité)

E Paradigmewiessel gëtt hei eebe gemaach mat dem Asaz, mat der Aféierung vun där Cellule d'évaluation. An hei ass et wichteg, datt déi verschidde staatlech Instanzen eeben zesummeschaffen, well nëmmen esou kann de System vun de Clignotanten, wéi de Guy Arendt et gesot huet, funktionéieren. Et muss fréi erkannt ginn, datt do e Risiko besteet, datt déi Entreprise oder dee Commerçant kann an d'Faillite falen, an et gëtt eeben da probéiert, deem betreffende Betrib ze hëllefen.

Dat geet iwwer verschidden Etappen. Déi éischt Etapp ass déi, wou d'Gericht am Fong net intervenéiert. Duerno geet et iwwert d'Procédure judiciaire, wou eebe mat Experten, déi kënnen villschichteg sinn, probéiert gëtt, de Betrib erëm opzerichten, op d'Schinnen ze bréngen. Dat ka geschéien, andeem een en Deel vun der Aktivitéit verkeeft oder d'ganz Aktivitéit verkeeft. A wat de Fil rouge ass an dësem Projet de loi, fir datt et ka fonctionéieren, dat ass eeben de Sursis, de Rapporteur ass dorobber agaan. Während der Period Sursis kann/dierf näischt bezuelt ginn, bis eeben déi definitiv Decisioun geholl ginn, wéi dee Betrib reorganiséiert gëtt.

Fir eis als CSV war et ganz wichteg, datt an deem Projet de loi an och an de verschiddenen Amendementen, an dat war och e Souci vun der Souscommissioun a vun der Commission juridique, d'Rechter vun den Arbeitnehmer zu all Moment garantéiert sinn. Ech erënneren drun: Am Kader vun enger Faillite hunn déi e Superprivileeg an e Privileeg, an eis war et wichteg,

eeben déi Rechter vun den Arbeitnehmer ze garantéieren am Kader vun dësem Projet de loi, wat eis och gelongen ass.

Ech soen awer och grad esou däitlech: Wann op där enger Säit dëse Projet de loi dofir do ass, ze evitéieren, datt een duerch e perséinlechen Echech direkt an d'Faillite fält, ass et awer grad esou richteg a wouer, datt dëse Projet de loi och derzou bäidréit, datt verschidde Faillites frauduleuses wierklech kräfteg sanctionéiert ginn! Wann e Filou mengt, et geet duer, eng Gesellschaft opzemaachen, an als éischten Akt kafen ech mer en décken Auto a probéieren, deen nach ofzesetzen, an duerno geschitt näischt méi, ass et mat dësem Projet de loi e kloert Signal: Dat geet net! Déi wäerte poursuivéiert gi mat aller Härter.

An dofir hu mer – an dat ass wichteg, datt een dat hei och nach eng Kéier ënnersträicht – d'Banqueroute frauduleuse dekriminaliséiert. Dat wëllt net heeschen, datt se manner streng ugewannt gëtt, mee et ass elo en Delikt a si ka méi schnell ugewannt ginn, et kann ee méi schnell condamnéiert gi fir eng Banqueroute frauduleuse, wat wichteg ass, well all déi Leit, déi an där Matière schaffen, wëssen, datt dat sech iwwer Joren – iwwer Joren! – hincit an datt et mat der Zäit och ëmmer méi schwierig gëtt, déi néideg Preuve ze bréngen.

Da war nach e wichtige Punkt, dee mer laang diskutéiert hunn, iwwert d'Responsabilitéit vun den Administrateuren. Ech mengen, et war elo gëschter e wichtige Statement komm vum Avocat général vum Europäesche Gerichtshaff iwwert d'TVA vun den Administrateuren.

(Interruption)

Mir wëssen, datt d'Administrateuren e wichtige Businessmodell fir Lëtzebuerg sinn an dofir war et eis och wichteg, dee Volet hei an dësem Projet de loi esou unzepassen, dass dëse Businessmodell och nach ka fonctionéieren. Well am Ufank war gesot ginn, datt bei deem klengste Feeler jiddweree mat zur Rechenschaft gezu gëtt. Dat schreckt natierlech vill Administrateuren of.

An do si mer eriwergaangen op d'Faute caractérisée. Dat heescht, wann ech wierklech aktiv wësend derzou bäigedroen hunn, datt et engem Betrib schlecht geet, da ginn ech matcondamnéiert. Wann zum Beispill – fir e Beispill ze soen – just eng Kéier vum Dirigeant vergiess gëtt, d'Konten ze deponéieren, da ginn ech als normalen Administrateur a priori net responsabel gemaach.

Dëst gesot, wëll ech dann eng Kéier hei jiddwergem Merci soen, un der Spëtzt dem Guy Arendt, fir déi gutt Koordination, a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gloden. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Merci, Här President. Madamm Minister, léif Kolleegeinnen, léif Kolleegeen, erlaabt mer am Ufank, wierklech dem Rapporteur e grouse Merci ze soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, mee awer och an där selwechter Persoun dem President vun där Souscommissioun, dem Guy Arendt, fir déi exzellent Aarbecht, déi do am klengen Komitee geleescht gouf.

Mir hate vill flott Gespréicher, mir haten awer och interessant Entrevuen an et war och ganz wichteg, fir ënner anerem op Best Practices vun eisen Nopeschlänner zréckzegräifen am Kader vun deene Gespréicher.

De Begrëff „Faillitten“ ass am Volleksmond ëmmer ganz negativ behaft, well et meeschtens mat enger frauduleuser Praktik gläichgestallt gëtt, wou et am Endeffekt jo de Patron wier, deen de grouse Gewënner ass. D'Employéen, d'Clients a vill aner Creanciere bleiwen op der Streck.

Mee opgepasst, an et ass haut scho gesot ginn: Et gëtt en Ennerscheid tëschent der „mauvaise foi“ an der „bonne foi“. An dat dierfe mer net vergiessen!

De Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, kënn en aval vum Projet iwwert d'Prozedur vun der Dissolution administrative ou Liquidation vun den Entreprises. Do ass et virun allem drëms gaangen, de Gerichter den Aarbechtsopwand ewechzehuelen an och esou Zäit a Suen ze spueren. Mee och d'Betribler profitéieren vun enger méi séierer a méi effikasser Prozedur vun der Opléisung vun hirer juristescher Perséinlechkeet.

Stéchwuert Geld: D'Faillite si Situatiounen, wou eng Entreprise net méi genuch Fongen huet, fir hir Echeancen an hir Scholde kënnen ze bezuelen, dat heescht, de Passif kann net méi mat hirem Actif gereegelt ginn. A genee dorëms geet et bei dësem Projet, an ëm viles, viles méi.

Wéinst dem Rapport, also wéinst dem gudden an dem explizite Rapport limitéieren ech mech op d'Remise de dettes, op de Schuldenerlooss, vun de Personnes physiques, déi als Independant hire Betrib féieren. Et kann ee sech mat Liichtegkeet virstellen, dass jiddwereen, deen de Courage hat, fir sech selbstänneg ze maachen, et als eng perséinlech Néierlag erlief, wa säi Betrib duerch eng Faillite muss opgeléist ginn. An och fir seng Famill ass esou eng Situatioun definitiv net schéin.

An der Coronapandemie konnte vill kleng Betribler an Independanten duerch generéis staatlech Hëllefen an notament den Avancésystem vum Chômage partiel virun der Faillite gerett ginn, an den Taux vun de Faillite war souguer par rapport zur Normalsituatioun signifikativ erfrogaangen. Deemo goufe manner Faillite registréiert wéi virun der Pandemie.

Mee och déi nei Situatioun mat engem Krich an Europa, enger staarker Inflatoun a Liwwerenkpäss stellt vill Entrepreneur viru Problemer, esou dass si et sech net leeschte kënnen, hiert Geschäft weiderzeféieren, an am schlëmmste Fall musse si Faillite erklären, ouni dass si souguer selwer eppes dofir kënnen.

Wéini ass eng Firma an Nout? Dat muss beschtefalls ganz séier erkannt ginn. Eist neit Gesetz huet esou Fréiwarnsystemer virgesinn, sougenannt „Clignotanten“, fir direkt professionell Hëllef an duerno eng adequat Begleedung unzebidden.

Grad op dëser Plaz wëll ech drop hiweisen, dass e ganz gudden an iwwersichtlechen Tablo mat liicht verständleche Grafiken dem Rapport vun dësem Gesetz bäigefügt ass, wou och sämtlech Etappen illustriert sinn an déi ganz genee weisen, mat wéi engen Instrumenter e Betrib zu wéi engem Moment kann ënnerstëtzt ginn. Hätte mer also dëst Gesetz mat all senger Prozedur scho gehat, dann hätt ee vläicht eng schwierig Situatioun wéi déi bei Liberty Steel eventuell verhënnere kënnen.

Mir wëllen d'Prozedur vereinfachen, se vervillfältigen an eng zweet Chance fir d'Independant virgesinn, wéi se och elo an der Reform vum Gesetz zum Droit d'établissement virgesinn ass. Eng Faillite huet vill Konsequenzen op perséinlechem Niveau, dat souwuel fir de Patron wéi och fir seng Ugestallten.

Well et e Problem ass, dass, wann en Independant Faillite deklaréiert, hie seng Ugestallten net méi bezuele kann an donieft och nach seng opstoend

Scholde bei senge Creanciere bezuele muss, huet dësen Text déi sougenannten „zweet Chance“ virgesinn. Dës funktionéiert duerch en Erloosse vun de Scholden, déi virum geriichtleche Faillitenurteil existéieren. Dat heescht, all Schold, déi duerno gemaach gëtt, fällt hei net eran. A wat de Conjoint ugeet, dee sech während dem Bestietnis perséinlech matverscholt huet, dee gëtt vun där Schold befreit.

Et ass och wichteg, ze betounen, dass d'Europäesch Direktiv 2019 iwwert d'Faillitten an d'Restrukturatiounen de Memberstaaten imposéiert huet, esou eng Remise de dettes fir d'Independantë virzugesinn. Andeems mir eist Gesetz deemterspriedhend upassen, schafe mir also eng zweet Chance fir déi Independanten, déi eng verdéngt hunn. Dat soll heeschen, dass déi ausgeschloss ginn, déi duerch hiert Feelverhalten oder duerch schlechte Wëllen eng Faillite muttwëlleg erbäigefouert hunn.

Am Prinzip kann all Interesséierten, och de Staatsaffekot an och de Curateur, opgrond vun enger motivéierter Ufro d'Sträiche vum Schuldenerloos beim Geriicht ufroen. Esou ee Mechanismus virzugesinn ass wichteg, sollt engem Riichter e wëllentleche Feeler oder e béise Wëllen net direkt opgefall sinn.

Well dëst neit Gesetz eiser Ekonomie guttdeet, andeems Independanten eng zweet Chance kréien an et net méi virkomme wäert, datt et zu Problemer oder Zweifel beim Iwwerhuele vun de Salairé vun den Ugestallte bei enger Faillite kënn, kann ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Als LSAP-Vertriederin kann ech hei den Accord ginn zu allem, wat an dësem Gesetz steet. Ech wëll awer och soen, dass mir näischt dergéint hätten, wann an enger weiderer Reform vum Gesetz och nach eng Kéier d'Rechter vun de Salariée géife gestärkt ginn, an zwar an deem Sënn, dass d'Salariéen am Fall vun enger Faillite déi nammlecht Rechter géifen zougesprach kréien, wéi dat schonn haut bei engem Plan social de Fall ass.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech schlësse mech de Mercien un un all déi, déi matgeschafft hunn, am Ministère den Daniel Ruppert, d'Pascale Millim an d'Madamm Klees, an de Guy Arendt, dass hien déi Charge hei iwwerholl huet, dee Rapport ze maachen. Dat war net ohne, mee dat war awer der Effikassitéit geschélt. An als Kommissiounspresident sinn ech an deem do Beräich awer och net à même gewiescht, mech kuerzfristeg esou anzeschaffen, wéi dat fir eng Présidence néideg ass. Dofir en duebele Merci.

Ech soen och nach, wéi dat hei lassgaangen ass: De Franz Fayot war um Wackele fir an d'Regierung, an du koom hien, an do sot hien: „Hei, mir mussen eppes maachen!“ An hie wollt dat dee Moment an deene Méint, wou hien do war, ganz kuerzfristeg maachen, well hien an der leschter Legislatur quasi als Solist mam Ministère zesummen un deem Text geschafft huet, awer e wéineg allein auf weiter Flur. An dofir, voilà, ech si frou, dass mer him dann och kënnen soen: Mission accomplie!

De Guy Arendt huet et gesot: net – wéi et hei op mengem Text steet – zéng Joer oder méi wéi zéng Joer, mee 40 Joer ass et noutwendeg, a méi wéi zéng Joer gouf dru geschafft un dëser Reform. Et gouf e

Projet 2003 vum deemolege Justizminister, mee do ass awer näischt draus ginn. Et ass also elo haut definitiv e Grond, sech ze freeën. An et weist och op en Neits, entschëllegt, léif Oppositioun, Dir hutt hei gehollef, mee d'Majoritéit iwwert, wat mer eis virgeholl hunn. Hei ass och e Beispill dovun.

(Brouhaha)

Ech soen alle Memberen, déi effikass matgeschafft hunn an dëser Kommissioun, ënner anerem dem éierewäerte Léon Gloden, Merci.

Eis Gesetzgebung ass oder war net méi „up to date“ bis haut an huet missen iwwerschaaft ginn. International Gremie wéi d'OECD hu scho laang drop higewisen, dass eis Faillittgesetzgebung misst iwwerschaaft ginn.

Eng innovativ Ekonomie brauch och eng modern Faillittgesetzgebung, déi e kloren an effikasse Kader bitt a Faillite maachen net als Fatalitéit ugesäit, well Faillite maachen, sou onschéin dat och ass wéinst dem Verloscht un Aarbechtsplazen an den domat verbonnene perséinleche Schicksaler, gehéiert nun emol zu enger dynamescher Ekonomie derzou. Net all Geschäftsiddi kann zum Erfolleg féieren an net all éischte Versuch ass direkt e Sechser am Lotto.

Eng modern Faillittgesetzgebung ass dofir eng Konditioun fir e gudden Entrepreneursgescht an eisem Land. Wa mer wëllen, dass d'Entreprise sech mat innovativen Iddie lancéieren, dass Entrepreneuren an Entrepreneurinnen opstinn, fir eis Ekonomie méi klimafreundlech, méi digital a méi ressourcëschoonend opzestellen, da musse mer hinnen och d'Sécherheet ginn, dass am Fall, wou et net klappt, wou et schifgeet, keng éiweg a schwéierfällg Proceduren op si waarden an dass si net e Liewe laang stigmatiséiert ginn an eng zweet Chance duerno kréien.

Am beschten ass et natierlech, wann et iwwerhaupt net zur Faillite kënn. Dofir begrësse mir ausdrécklech de preventive Volet vun dëser Reform, deen an Zukunft derfir suerge soll, dass duerch eng Zort Virwarnsystem mat verschiddenen Indicateuren déi betreffen Entreprise fréi genuch déi néideg Hëllef kréien a Mesürene huele fir géigenzesteieren. Grad esou begrësse mir als Gréng, dass et an Zukunft eng zweet Chance wäert gi fir nei ze starten. Domat baue mer Barriäre fir sech ze lancéieren of a stäerken den Entrepreneursgescht, wéi scho gesot, hei zu Lëtzebuerg, an dat an enger Zäit, wou mir et méi wéi jee brauchen.

Kreeslafwirtschaft, Klimaneutralitéit, Ressourcen-effizienz, all dëst sinn Ziler, deene mer net just, awer och mat Innovatioun an Entrepreneursgescht kënnen e gutt Stéck méi no kommen.

Ech soen Iech Merci a ginn d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Margue. Da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, villmools merci. Ech mengen, ech kann et kuerz maachen, well den Här Arendt huet wierklech en éischtklassege Rapport gemaach an déi aner Riedner sinn och, mengen ech, op souwäit all Aspekter schonn agaangen, déi nach an dësem Gesetz ze fanne sinn.

Et ass eppes, wat mir begrëssen. Ech wëll just een Aspekt uschwätzen, deen, mengen ech, bis elo an de Rieden net ernimmt gouf, dat ass de Standuertfacteur Lëtzebuerg. Well wann een déi Diskussiounen och am Ausland ëm méiglech Investitiounsstanduerter

verfollegt, da gesäit een, datt déi aktuell Situatioun, wéi mir se bis elo zu Lëtzebuerg iwwert d'Faillitterecht haten, d'Leit decouragéiert huet, op Lëtzebuerg ze kommen an de Risiko vun enger Firmegrënnung hei op sech ze huelen.

Dofir ass dat hei ëmsou méi ze begrëssen, well et de Standuert Lëtzebuerg stäerkt! An et kann een eigentlech nëmmen d'Regierung encouragéieren, fir dat dote Gesetz an eiser Baussepresentatioun zesumme mat der Chambre de Commerce an aneren interesséierten Acteuren och ze promovéieren, well et ass schonn eppes Wichteges, wat hei geschitt, eppes Neits, wat eis an der internationaler Konkurrenz mat anere Standuerter awer e Virdeel verschafft.

An deem Sënn si mir frou, fir dat heite matzedroen, soe jidderengem Merci, dee matgeschafft huet un dësem wichtege Gesetz an hoffen, datt et och déi Virdeeler elo bréngt kuerzfristeg, déi mir eis all erhoffen. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Guy Arendt als Rapportier, mee nach méi e grouse Merci un hien als President vun der Kommissioun. Sou wéi et Iech vläicht gaangen ass virun e puer Joerzénkten, wéi Dir de Cours krut deemools, ass et mir gaangen als Member vun där spezieller Kommissioun, dass ech emol e Cours krut vun Iech, wéi iwwerhaupt déi ganz Faillitten am Moment zu Lëtzebuerg gereegelt sinn. Ech kann Iech soen, et ass bestëmmt eng vun de Kommissiounen gewiescht mat där meeschter Matière a sécherlech och mat ganz ville Stonnen a ganz ville Verhandlungen, wéi een dat doten am beschte Sënn fir eis Ekonomie a fir d'Leit ka léisen.

Lëtzebuerg brauch e modernt Faillittgesetz. Dëst Gesetz ass scho ganz laang an der Maach, et gouf scho laang vum Terrain gefrot an et war jo och Deel vum éischte Koalitiounsaccord vun 2013. Dat heescht, mir brauchen dëst neit Gesetz, dat gesäit een och, leider, un den aktuellen Zuelen. An den éischten dräi Méint vum Joer 2023 hu mer iwwer 500 Firmen, déi hu missen eng Faillite umellen. Jo, dëst sollt eis ze denke ginn: Eleng am Bausecteur sinn 107 % méi Firmefaillitten an dësen éischten dräi Méint wéi an den Zäitraim virdrun.

Zéng Joer ass et hier, dass elo den éischten Text deposéiert ginn ass. Mir Piraten konnten dofir net am Ufank mat um Text schaffen. Ech wëll awer op dëser Plaz dem ganze Personal vun der Chamber souwéi jidderengem och am Ministère, deen dru geschafft huet, e grouse Merci soe fir dee gudde Suivi vun dësem schwierigen a laangjäregen Dossier.

Bis elo war d'Zil vum Faillittgesetz éischter, fir d'Firmen ze liquidéieren wéi dem Patron ze hëllefen, erëm op d'Féiss ze kommen. D'Curateuren hunn alles genau suivéiert an de Patron konnt just nach nokuken. Et huet eis zu Lëtzebuerg ganz kloer u Schutzprozedure fir Firmegrënner gefeelt. Auslännesch Prozedure ware méi séier a méi effikass. Dat war net am Interêt vun der Ekonomie vun eisem Land. Elo mat dësem Projet ass de frëndschaftlechen Accord tëschen de Firmen an de Creanciere méiglech an en ass d'Zil. Dat ass ze begrëssen, dass d'Justiz entlaascht soll ginn an d'Prozedure méi einfach solle ginn, wa keen Accord fonnt konnt ginn.

Fir eis Piraten ass kloer, dass un de villen Hiewele muss geschafft ginn, déi een als Staat kann ubidden, fir de Firmen ze hëllefen, ier et zur Faillite kënn. Well d'Zil muss et sinn, dass esou mann wéi méiglech

Faillite musse geschwat ginn. Mir brauchen e vaste System vun Aiden, vun Evaluatiounsméiglechkeeten, fir de Firmegrënner ze hëllefen.

Här President, d'Grënne vun enger Entreprise erfuerdert Courage. Et muss ee sech trauen, jo, och trauen ze scheitern. Mënschlech ass dat immens dramaresch zum Deel, dat hänkt awer och oft mat externe Facteuren zesummen, fir déi net ëmmer de Patron konnt. Dofir musse mir de Leit, déi eng Faillite hu missen umellen, hëllefen, fir dat ganz gutt a séier am Sënn vun alle Bedeelegten op en Enn ze bréngen an eeben déi berüümt zweet Chance nach eng Kéier ze ginn. Mir musse kucken, dass déi Leit aus där Situatioun erauskommen.

Ech soen Iech alleguete Merci fir déi gutt Aarbecht zesummen an der Kommissioun. Mir wäerten dësen Text da matstëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizminister Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, dann och vu menger Säit eng lescht Kéier e schéine gudd Mëtten, Här President an Dir léif Deputéiert, fir dee leschten Text da mat Debatt, deen a menger Attributioun elo dës Legislaturperiod gestëmmt gëtt.

Et ass elo schonn e bëssen op den Historique zrëckgekuickt ginn. Do si verschidde Joerzénge ernimmt ginn an ech ka confirméieren, dass effektiv déi Aarbechten extreem laang zrëckginn. An den 90er-Jore ass eng Kommissioun am Justizministère an d'Liewe geruff ginn, fir heiriwwer nozedenken, wat ee kéint maachen. Et ass en éischte Projet de loi deposéiert ginn, et waren Debatten hei an der Chamber an dat Ganz huet dunn zum Depot 2013 vun deem Text gefouert, dee mer elo haut diskutéieren, deen awer guer net méi dee selwechten Text ass wéi à la base.

Et ass och ernimmt gi vum Rapport, dass dotëscht och nach Direktive komm sinn, déi hu missen agebaut ginn, soudass hei net manner wéi fënnf Justizministeren a -ministerinne mat deem Projet befaasst waren, an och ënnerschiddlech Rapporteren. De Franz Fayot ass virun ernimmt ginn – hie wär gare komm, wann et muer gewiescht wier, haut konnt e leider net mat dobäi sinn. Mee e felicitéiert Iech awer alleguerten, dass Der dat doten elo och nach hikrut.

Jee, et si ganz vill Ressourcë gebraucht ginn elo déi lescht Joren, fir hei zu engem Resultat ze kommen. An et ass immens wichteg a gutt, dass mer elo dat Resultat hunn, well et ass wierklech en Ëmdenken, e Changement an der Mentalitéit an engem ganz schwiege Beräich, deem, wou eng Entreprise a finanziell Schwiegekeete kënnt, mat all den Implikatiounen, déi dat huet fir d'Proprietäre vun der Entreprise, fir d'Salariéen, déi an der Entreprise schafen, awer och fir d'Cocontractanté vun där Entreprise, soudass mer als Gesellschaft natierlech en Interêt drun hunn, alles drunzesetzen am Beräich vum Méiglechen an am Beräich vun deem, wat och gutt ass fir jiddwereen, dass mer déi Faillitten evitéiert kréien. Mee natierlech muss weiderhin och alles gemaach ginn, dass en abusivt Verhale bestrooft gëtt an dass een och net artificiel Enterprises um Liewen hält, déi dat net kënne bliwen. Dat ass jo och eng Suerg, déi vill genannt gouf.

Hei geet et haaptsächlech drëm, dass eng rechtzäitg Identifikatioun vun den Enterprises, déi Schwiegekeeten hunn, ka gemaach ginn, soulaang se nach ze rette sinn. Dat ass déi Detektioun duerch de

Ministère de l'Économie an de Ministère des Classes moyennes, e proaktivt Handeln, och vun der Säit vun de Commerçanten, an dann eeben déi Cellule d'évaluation des entreprises en difficultés mat fënnf Fonctionnaires, proposéiert vu verschidde Administratiounen a Ministère, an déi appréciéieren dann eeben och d'Opportunitéit vun den Assignations en faillite.

Dir wësst, dass et dacks d'Steierverwaltung oder de Centre commun sinn, déi als Éischt wierklech mierken, wann e strukturelle Problem virläit, well dat dann déi Montante sinn, déi net bezuelt ginn. An et geet awer och drëm, dass mer hei eng ganz homogene Approche hunn. Déi gëtt et schonn an der Praxis, hei gëtt se formaliséiert, fir ze evitéieren, dass op der enger Säit e Plan de remboursement proposéiert gëtt an op der anerer Säit dann eng Assignation en faillite gemaach gëtt.

Dann natierlech preventiv Mesure mat verschidde Prozeduren, déi elo hei agefuert ginn, déi och adaptéiert sinn un d'Gréisst an d'Situatioun vu verschidde Enterprises: d'Procédure extrajudiciaire mam Conciliateur d'entreprise, deen hëlleft op Demande vum Debiteur bei der Reorganisatioun vum Commerce, eppes, wou mer wierklech hoffen, dass dat gräift, dass d'Enterprises och dorobber zrëckgräifen; an eeben och dann deen Accord amiable mat enger Homologatioun duerch d'Gericht, wou den Debiteur versicht, en Accord mat op d'mannst zwee Creancieren ze fannen. Dann hu mer d'Prozedur vun der Réorganisation judiciaire mat engem Accord collectif, wou dann en Accord fonnt gëtt, dee sech un all d'Creancieren applizéiert. En Transfert par décision de justice: De Mandataire de justice organiséiert d'Cessation vun den Aktiva vun der Entreprise, fir Kontinuitéit ze preservéieren an natierlech de Sursis, dem Debiteur Zäit ze ginn, fir säi Commerce ze reorganiséieren virum Recouvrement vun de Creancieren.

Dës Reform ass och complémentaire zu anere Mesuren, sief et vum Ministère des Classes moyennes: de Projet de loi iwwert den Droit d'établissement mat dem Volet „nouvelle chance“, deen och nach, mengen ech, hei zum Vott steet dës Woch; dann d'Mesures économiques de soutien, déi vun der Covidpandemie an eeben och méi perenniséiert Mesuren; de Comité de conjoncture, dee jo reegelméisseg zesummekënnert an och eng Surveillance vun der Evolutioun vun der ekonomescher a konjunktureller Situatioun mécht, wou et drëms geet, den Erhalt vun den Aarbechtsplazen ze assuréieren, well dat steet jo wierklech am Virdergrond, an och d'Vermeide vu Licenciementen wéinst konjunkturelle Grënn.

Wann awer dann näischt aneres méi méiglech ass wéi am Beräich vun der Preventioun, da bleift déi eenzeg Méiglechkeet déi vun der Faillite. Hei gëtt e méi zäitgeméis Kader geschaf, och wann et keng Revolutioun an deem Beräich ass.

Konklusioun: Wat bréngt dës neit Gesetz? D'Mesures préventives hëllefen zum Deel deene Commerçanten, déi nach ze rette sinn an déi och nach Liquiditéit besëtzen. D'Gesetz behält en Equilibre tëscht dem Erhalt vun Commerce an de Rechter vun de Creancieren. Dat neit Gesetz verhënnert sécher net all d'Faillitten, mee et gëtt eng reell Chance, d'Faillitten ze evitéieren, wann ee rechtzäitg d'Enterprises, déi Schwiegekeeten hunn, identifizéiert an d'Problemer kënne geléist ginn an et passend Mechanismen an deem Sënn gëtt an d'Entreprise natierlech och wëll gehollef kréien. Et gëtt kee perfekte System, well mer ëmmer konfrontéiert si mat Enterprises, déi a Schwiegekeete sinn. Dat war d'Konklusioun schonn deemools bei deem Debat 2011 an der Chamber.

Loosst mech awer nach e puer Merci lassginn, natierlech allem virop e grouse Merci dem Guy Arendt, dee sech hei deem Rapport ugeholl huet a mat enger roueger, sachlecher Hand un dee Rapport erugaangen ass. Natierlech e ganz grouse Merci och un d'Mataarbechter aus dem Ministère, allem virop dem Daniel Ruppert, dem Pascale Millim an dem Anne Klees. Si hunn hei an där klenger Direktioun nach ee Gesetz fäerdeggestallt, wat scho ganz, ganz laang um Instanzewee war.

Ech profitéieren awer och, well et, mengen ech, elo meng lescht Interventioun ass – dat Nächste ass sans débat –, fir der ganzer Justizkommissioun e ganz grouse Merci ze soen. Dir hutt extreem vill geschafft iwwert déi lescht fënnf Joer. Ech hu mer elo eng Kéier d'Zuelen e bëssen ugekuckt: Et sinn 80 Gesetzer gestëmmt ginn an deene leschte fënnf Joer, déi aus dëser Kommissioun erauskomm sinn. Dat ass eng Verduebelung par rapport zu der leschter Legislaturperiod. Dat heescht, Dir wësst, Dir hutt vill gelescht, an ech wollt Iech dofir e ganz, ganz grouse Merci soen. Mir hate vill intensiv a spannend Diskussiounen, mee mir hunn eise Rechtsstaat iwwert déi lescht fënnf Joer nach eng Kéier e Stéck weiderbruecht.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Justizminister Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6539A. Den Text steet am Document parlementaire 6539A¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6539A et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.